



Aktivitéitsrapport vum Joer 2019 (Ofgesote) Generalversammlung vum 28. Mäerz 2020

Versammlungen:

- D'Generalversammlung war de 06.04.2019
- De Comité ass 10 Mol zesumme kumm: 07.01.2019, 05.02.2019, 21.03.2019, 08.05.2019, 04.06.2019, 16.07.2019, 24.09.2019, 30.10.2019, 19.11.2019, 18.12.2019

Interviewen / Presse:

- Publikatioun vun 10 ganzsäitege Kolumnen «Eng Klack fir eis Sprooch» a groussen Dageszeitungen (Journal, Luxemburger Wort): 05.01.2019, 02.02.2019, 02.03.2019, 06.04.2019, 04.05.2019, 01.06.2019, 13.07.2019, 05.10.2019, 02.11.2019, 07.12.2019
- Pressecommuniqué iwwer 35 Joer Sproochegesetz: 18.02.2019
- Reportage um Radio 100,7 (Panorama) iwwer eise Pressecommuniqué: 18.02.2019
- Artikel am Journal iwwer eise Pressecommuniqué: 19.02.2019
- Artikel iwwer eise Pressecommuniqué an Interview (Patrick KAELL) am «Le Quotidien»: 21.02.2019
- Reportage iwwer eise Pressecommuniqué an Interview (Patrick KAELL) um RTL: 24.02.2019
- Reportage am Virfeld vun eiser Generalversammlung an Interview (Patrick KAELL) a Virféierung vum Sproochespill vum Jérôme LULLING um RTL: 06.04.2019
- Pressecommuniqué iwwer den Avis vun der Venedeg-Kommissioun (Europarot): 05.06.2019
- Pressecommuniqué iwwer d'Publikatioun vun eisem neie Buch «Verbentabellen op Lëtzebuergesch»: 04.11.2019
- Reportage um Radio 100,7 iwwer d'Iwwerrechung vun der Sëlwerplack «Dicks-Rodange-Lentz» un de Jérôme LULLING: 13.11.2019
- Planet RTL: Interview mam Jérôme LULLING iwwer d'Sëlwerplack an déi englesch Versioun vum Buch «Verbentabelle op Lëtzebuergesch»: 16.11.2019
- Invité am Moies Magazin um Radio 100,7: 23.11.2019
- Reportage vun Apart TV iwwer eisen Hierschtpatt 2019

Gratis Servicer:

- Permanenten Telefonservice fir dem Public all Froen iwwer d'Lëtzebuenger Sprooch ze beäntwerten: Orthographie, Grammaire, Geschicht, asw. Dee selwechte Service gouf och iwwer E-Mail a Facebook ugebueden.
- Verbesserung vum lëtzebuergeschen Text vun der UNESCO Velos Tour.
- Gratis Verschëcke vu Landkaarte mat lëtzebuergeschen Uertschaftsnimm.

Präisser:

- Iwwerreeche vun eiser Sëlwer Plaquette «Dicks-Rodange-Lentz» un de Jérôme LULLING fir hie fir seng Verdéngschter am Kader vun der Lëtzebuenger Sprooch ze éieren: 09.11.2019

Manifestatiounen:

- Generalversammlung an Exposé vum Jérôme LULLING iwwer d'Sproochespill a Kräizwuerträtselen: 06.04.2019
- Ausflug op Wolz, Visite vum Reenert Kulturwee: 08.06.2019
- Stand op der Stater Braderie (Square Jan Palach): 02.09.2019
- Organisatioun vum Hierschtpatt an eise Raimlechkeeten zu Izeg: 09.11.2019
- Stand op de Walfer Bicherdeeg: 16.11.2019 an 17.11.2019

Verlag:

- Verkaf a Liwwerung vu lëtzebuergesche Bicher aus eisem Verlag.
- Publikatioun vun eisem neie Buch «Verbentabellen op Lëtzebuergesch» vum Jérôme LULLING, op Englesch iwwersat vun Tom WEIDIG a Christine DURY (100 Säiten, DIN A4, méll Deckelen, Dictionnaire mat 650 Verben, Iwwersetzung an 2 Richtungen, 650 konjugéiert Verben: Present a Vergaangenheet, 1300 Beispillsätz op Lëtzebuergesch mat Iwwersetzung op Englesch, eng präzis Aféierung an déi wichtegst grammatesch Reegelen)

Aktiounen:

- Interventioun beim Educatiounsministère fir datt Musek CDe mat Lëtzebuenger Musek un d'Schoule verdeelt ginn.
- Bréif un d'Gemeng Lëtzebuerg, Luxtram S.A. an un den Transportministère, fir datt d'Nimm vun deenen neien Tramstatiounen, déi an der nächster Phas dobäi kommen, och op Lëtzebuergesch sinn.
- Fir déi 250. «eng Klack fir eis Sprooch» ze feieren, goufen all 250 «Klacken», déi zënter 1993 publizéiert goufen, digital mat Index op eiser Websäit publizéiert.
- Den 27. Juni 2019 ware mir bei der Diplomiwwereechung am Kader vun den ofgeschlosse Lëtzebuergeschcoursen zu Schëtter dobäi.

- Den 23. September 2019 ware mir och bei der Diplomiwwereechung am Kader vun den ofgeschlosse Lëtzebuergeschcoursen zu Conter dobäi.
- De 16. Juli 2019 si mir mam Här Luc MARTELING, neien Direkter vum «Zentrum fir Lëtzebuenger Sprooch», zesumme komm.
- Den 29. August 2019 sinn de Lex ROTH an de Claude BACHE mam Tourismusminister Lex DELLES, engem Verrieder vum Kulturministère an de Responsable vun der Gemeng Wolz (Buergermeeschter, Gemengesekretär) zu Wolz zesumme komm, fir de Reenert-Wee ze kucken, a fir driwwer ze schwätzen, wéi dee Reenert-Wee nei amenagéiert kéint ginn.
- Finanziell Bedeelegung (1500€) um neie Buch (mat CD) vum «Syndicat d'Initiative Useldeng» mat den Theaterstécker vum Tit SCHROEDER.
- Bréif un d'BCL, fir datt d'BCL op Gedenkménzen nees LËTZEBUERG schreift.
- Bréif un d'Gemeng Lëtzebuerg, fir datt de Stadion «Stadion Roude Léiw» genannt gött.
- Saz-Concours vum Lex ROTH an der «eng Klack fir eis Sprooch», wou et drëms gaangen ass, Sätz op Lëtzebuergesch esou ze maachen, datt et quasi net méiglech ass, si an eng aner Sprooch ze iwwersetzen.

Kommunikatioun:

- Eng Kéier am Joer verschécke mir e Bréif mat der Memberskaart an der Invitatioun fir d'Generalversammlung un eis 900 Memberen.
- Sozial Medien: Op Facebook hu mir elo iwwer 1250 Liken, op Instagram iwwer 230 Follower an op Twitter iwwer 180 Follower. Eis Poste gi regelméisseg vun iwwer 10.000 Leit gesinn.
- Mir hunn eng Mailinglëscht mat iwwer 680 E-Mail Adressen opgebaut.

Verschiddenes:

- De Grënnungsmember vun der «Actioun Lëtzebuergesch» a laangjäregen Tresorier a President, an als lescht Éierepresident, René FABER ass am Mee 2019 verscheet.
- Enn 2019 huet de Romain WACHTER d'Funktoun vum Tresorier vum Alexis KLEIN iwwerholl.
- Mir haten Entrevue mat Wikimedia Lëtzebuerg a.s.b.l. a mat Membere vum ZLS (Zentrum fir Lëtzebuenger Sprooch).

2020:

- De 17. Januar 2019 ass eise President Claude BACHE an eise Vize-President Lex ROTH nees fir 3 Joer an den CPLL (Comité permanent de la langue luxembourgeoise) gewielt ginn. Eise Sekretär Patrick KAELL ass als «membre suppléant» vum Claude BACHE an den CCPL gewielt ginn.
- Dat neit Buch «Verbentabellen op Lëtzebuergesch» gouf Enn Februar um Festival des Migrations op engem eegene Stand vum Jérôme LULLING an Tom WEIDIG virgestallt a verkaf.